

Schäfte Fred Bertinelli (LSAP):

Här Buergermeeschter, léif Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Dir Dammen an Hären, wéi mer elo e puermol héieren hunn, ass de Budget 2017 en zesammenhängend Dokument a weist kloer de Wee op fir d'Zukunft. Dës Koalitioun huet déi lescht Joren en bon père de famille d'Finanze vun der Gemeng gefouert an dofir och esou e proppert Resultat virzeweisen.

Zum Ressort Verkéier, an deem déi lescht dräi Joer esou vill geschafft ginn ass wéi scho laang net méi, bleiwe virun allem déi nei Parkplazen ze bemierken, déi dach awer eng moossbar Erliichterung vun der Parksituatioun mat sech bruecht hunn.

De Parking payant bréngt eiser Gemeng am Budget 2017 ëmmerhin iwwert 1,1 Milliounen Euro eran, dëst mat den Horodateuren an de Parkhaiser. Dës Einnahme stinn Ausgaben an der Héicht vun enger Millioun Euro dogéint fir d'Paie vun den Agents municipaux an de Kontrakt mat Vinci fir d'Parkhaiser

Dir gesitt also, dass de Parking payant net geduecht ass, fir Fongen an d'Gemengekeess ze schéppen, mä fir am Déngscht vun eise Bierger an eise Geschäftsleit e gesonde Flux op de besteende Plazen ze kréien. An op där anerer Säit ëmmer genuch Plazen do ze hunn, wou een se brauch.

Fir dass eis Agente méi no beim Zentrum sinn, hu mer e Lokal beim Park opkaf, dat mer am Budget vun 2017 – ageschriwwe sinn 80.000 Euro – als Büro ëmbauen. Sou sinn eis Leit méi no beim Bierger, gesinn an engems, wat am Park lass ass a kënnen esou och aschreiden, wann et muss sinn.

Dir gesitt, dass virun allem am Parkwiese vill geschitt ass. Dass dat awer nach ëmmer net duergeet, wësse mer. Dofir gesäit de Budget extraordinaire erëm Ausgabe fir nei Parkhaiser vir, sou dëst vun der Entrée en ville an – dat ass nei – ënnert der Kierchplaz zu Déifferdeng.

Et geet awer net duer, fir Parkraum ze schafen, e muss och esou ausgeschëldert sinn, dass Leit vun ausserhalb dee Parking fannen, dee se bei hir Destinatioun bréngt. Dofir hu mer vir 2017 140.000 Euro virgesinn fir e Parkleitsystem, deem eis verschidde Parkméiglechkeeten ausweist an och gréisser Manifestatioune kann ugepasst ginn.

Nach eemol e Luef un déi zoustänneg Beamte vum Service technique, déi schnell an onkomplizéiert d'Aarbechte vun den zwee Parkingen Hauts-Fourneaux a Woierer begleet hunn an an den Delaien fäerdeg waren.

Wee schonn do geparkt huet, gesäit och, dass mer wéi ugekënnegt virufuere mat den Elektrobussen an dat och an Zukunft wëlle weider ausbauen.

Mobilité douce ass a bleift eng Prioritéit a wäert och um Quartier Fousbann elo méi einfach ëmzesetzen sinn, wa mer d'Ëmklasséierung vun der Zolverstrooss an der rue Emile Mark kënnen an Ugrëff huelen. Hei si mer ofhängeg vum neie Contournement, deen dëse Quartier massiv soll entlaaschten.

2017 ginn och nach verschidde Schwaachpunkten zum Notze vun de Foussgänger ëmgesat, doduerch dass mer geféierlech Foussgängersträifen anescht belichten an esou méi iwwersiichtlech maachen.

De Vël'Ok huet sech och vill Frënn gemaach a soll fir 2017 nach ëm weider véier Statiounen ausgebaut ginn. Iwwregens sinn eis Agenten och ugewise ginn, anzeschreide bei besonnesch iwwerdriwwenen Aktiounen op deene Véloen, well leider oft Unfug domatter gemaach gëtt. Et ass nun emol e Gefier fir eng Persoun a kee Minibus. D'Jonge vum CIGL, déi se musse flécken, wäerten eis Merci soen.

Loosst mech hei och nach e puer Wieder zur Entrée en ville lass ginn. Dëse Chantier wäert an den nächste Wochen a Méint e gréisseren Afloss op de Verkéiersfloss an eiser Stad hunn. Mir hunn eis Léieren aus dem Chaos vun Ufanks November gezunn a probéieren – wann dat iwwerhaupt méiglech ass – nach méi Influence op déi verschidde Verwaltungen ze kréien, déi mat eis zesummen hei schaffen. CFL a Ponts et Chaussées si wichteg Partner, an hei lafe permanent Gespréicher, fir sech nach besser ze koordinéieren. Dës wäert awer bei all gudde Wëllen net verhënneren, dass et muenchmol zu Engpäss an domadder zu gréissere Staue wäert kommen. Ech bidden hei schonn ëm Versteesdemech fir dës Onannehmlechkeeten, déi sécher net ausbleiwe wäerten.

Zum Sport: Dëst Joer ass richtig Bewegung a verschidden Dossiere komm.

D'Zesummenaarbecht mam Sportsministère ass esou gutt wéi scho laang net méi. Projete wéi eng nei Sportshal a Kärsanéierung Sportshal hu richtig Faart opgeholl a wäerten der Sportswelt en neien Antrieb ginn.

D'Sportshal vun Nidderkuer geet elo an de Bau. Dir hutt dozou jo schonn de Bauteschäffen héieren. Dës Infrastruktur ass batter néideg, fir iwwerhaapt mat enger Kärsanéierung vun der Sportshal Uewerkuer ufänken ze kënnen.

D'Nofro un Trainingsstonnen an den Hale gëtt ëmmer méi grouss. Zu den traditionelle Sportaarte wéi Handball, Basket a Badminton sinn och elo dräi Equippe vum Futsal am nationale Championnat ënnerwee, dës deelweis och mat ganz anstännege Resultater.

D'Bauaarbechte fir en neien Turnsall um Bock wäerten 2017 ugoen, de Planning dofir ass esouwäit ofgeschloss. Des Weidere soll d'Hal vum Woier en neie Buedem kréien, esou dass och hei erëm Sport op engem gewëssenen Niveau méiglech ass.

Mat all deene Projete kënnen mer frou sinn, an e puer Joer mat den Hale vun Uewerkuer, Nidderkuer, Fousbann a Woier a mat den Turnsäll vum Bock, vun Nidderkuer a vun Déifferdeng iwwer genuch Säll ze verfügen, fir déi grouss Nofro ze befriddegen. Hei hëlleft och, dass mer – dës Ufro ass vum Schoulministère scho positiv aviséiert ginn – vun den Turnsäll vum Jenker an deem vun der neier Internationaler Schoul profitéiere kënnen.

Et ass och net vu Muttwëll, well och d'Lunex, d'Uni aus der Schwämm vun Uewerkuer, relativ vill Sport ubitt an domadder och Demandeur fir Stonnen ass.

Dës Uni mat engem groussen Accent op Sport wäert an den nächste Joren och nach en décke Boom an Déifferdeng ausléisen an national an international Gréissten an eis Gemeng zéien. Un eis, fir och doraus Profit ze schloen, well esou Relatioune liewen ëmmer vu géigesäitegem Austausch.

No den Halen dann elo zu der gréisster traditioneller Outdoor-Sportart, dem Fussball. Dës Infrastrukture waren iwwert laang Joren d'Stéifkanner am Budget an hunn dofir an de leschte Jore relativ déck an d'Finanze geschloen. Den Neibau vun Déifferdeng an den Ëmbau vun Nidderkuer waren d'Aushängeschelder. Elo huet awer och eppes missten hier fir déi méi kleng Veräiner.

D'Luna huet en neien Top-Terrain kritt, mat enger neier Buvette a proppere Sanitäranlagen, a brauch sech dofir hannert kengem méi ze verstoppen. D'Vestiairen um Woier si vergréissert ginn, an hei steet e Projet an de Startlächer, deen esouwuel dem CSO wéi och dem Traditiounsclub RBUAP Trainings- a Kompetitiounsméiglechkeete wäert bidden.

Déi zënter laangem erwaarte Lafpiste soll op de Woiwer kommen, dëst zesumme mat engem neie Fussballsterrain. Hei stinn elo mol Etuden am Budget, well esou e Projet soll jo och an dee Quartier passen.

Nodeems mer fir 2016 am Fong en kleng Renovatioun vun de Sanitäre vu Lasauvage virgesinn haten, huet sech erausgestallt, dass déi ganz Installatioun no engem dréngende Renouveau verlaangt. Vestiaires, Buvette a Sanitäre sinn an engem Zoustand, deen net méi tragbar ass. Dofir gëtt elo mam Budget 2017 en deelweisen Neibau ugeduecht. De Veräin vu Lasauvage huet et och esou schwéier genuch, fir hir Benevoller Weekend fir Weekend ze motivéieren. Da loosst eis als Gemeng elo emol eise Beitrag zu enger Installatioun leeschten, déi zu deem Engagement do passt.

Am Kontext vun Engagement an Asaz kommen ech nach eng Kéier op déi Equipe vun der ADEM zréck, déi ënnert der Opsicht vum Henri Bossi elo scho jett Aarbecht fir eis Terrainen geleescht huet a weider leescht. Si ass elo mat enger neier Aufgab zu Nidderkuer beschäftegt an huet de Wee ronderëm an d'Gradine vis-à-vis vun der Tribün nei gemaach. Dës Aarbechte ware batter néideg, an d'Equipe huet se direkt an Ugrëff geholl, wéi se op der Luna mat de Vestiaire fäerdeg waren. Hier an hirem Tuteur vun dëser Säit aus nach eemol en häerzleche Merci fir hiren Asaz.

De Sport wäert an den nächste Joren nach ëmmer méi en héijen Afloss op eist Liewen hunn, sief et, well mer e selwer bedriwen, als Kompetitioun oder als Ausgläich, sief et, well mer kee maachen an dofir op laang Siicht eiser Krankekeess op der Täsche leien.

Spaass op d'Säit, Sport ass wichteg. A mir mussen eise Beitrag dozou leeschten, dass eis Kanner matzäiten un de Sport an u gesond Beweegung erugefouert ginn. Dëst ass nun alt emol a modernen Installatioune méi einfach a méi attraktiv.

Dëst ass och de Grond, firwat eis Veräiner sollen a mussen ënnerstëtzt ginn. Hir Bedeitung fir d'Zesummeliewe vun eiser Gesellschaft ass net héich genuch anzeschätzen. Dëst virun allem an Zäite vu Smartphone an Tablett, déi et ëmmer méi einfach maachen, fir net mateneen ze schwätzen a menger Meenung no e Grond sinn, dass ëmmer méi Leit sech an eng selwer gewielten Isolatioun beginn.